PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Déi heite Regierung huet am Koalitiounsaccord ugekënnegt, fir de Bau vun ëffentleche Luetstatiounen "de manière ciblée" auszebauen. Genee Zuelen sinn awer am Koalitiounsaccord keng genannt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill ëffentlech Luetstatioune ginn et, Stand Dezember, 2023 zu Lëtzebuerg?

2. Wéi vill Luetstatioune goufen insgesamt zu Lëtzebuerg installéiert?

3. Wéi vill Schnelluedestatiounen (opgelëscht no Leeschtung) existéieren zu Lëtzebuerg, Stand Dezember 2023?

4. Wéi een Zil huet d'Regierung sech fir de Bau vun neie Luetstatioune gesat?
   Wéi vill ëffentlech Luetstatioune solle bis 2028 gebaut ginn?
   Wéi vill Schnellluedestatiounen (opgelëscht no Leeschtung) solle bis 2028 gebaut ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten